N°2564
Entrée le 04.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

*SR.de* huet informéiert, dass et op der Autobunnsbréck tëschent Perl a Schengen Rëss entstane sinn. Aus dësem Grond gëllt een Iwwerhuelverbuet an ee Mindestofstand fir gréisser Gefierer, ewéi Busser an Camionen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Goufen déi lëtzebuergesch Verwaltungen iwwert dëse Problem informéiert?
2. Wéi wäert sech dës Situatioun op den Trafic um Grenziwwergang a speziell op der A13 auswierken?
3. Wéi steet et ëm d'Stabilitéit an d'Sécherheet vun der Bréck?
4. Huet d'Ministesch Informatiounen, bis wéini d'Bréck geflickt wäert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten